Mireille **Weiten-de Waha** Marco **Weiten**

# Poppe mat Häerz



November 2012 - 1. Oplo
"All Rechter virbehalen" Kiwanis - **Kontakt: www.kiwanis.lu**
ISBN **978-2-87978-128-0**
**Auteur:** Mireille Weiten-de Waha - **Kontakt: mimiwaha@pt.lu**
**Illustratiounen:** Marco Weiten - **www.marcoweiten.com**

Mireille **Weiten-de Waha** Marco **Weiten**

# Poppe mat Häerz







# Poppe mat Häerz fir Mënsche mat Häerz

Léiw Kanner,
Léiw Erwuessener,
Léiw Kiwanis Frënn,

Et ass mir eng grouss Freed, besonnesch Iech, léiw Kanner, dëst Bichelche kënnen ze presentéieren, dat mat vill Iwwerzeegung an Engagement vun der Associatioun Kiwanis Lëtzebuerg erstallt ginn ass. Ech hoffen Dir hutt vill Freed beim Kucken a Liese vun dësem Buch, wat Eech erzielt ween d'Kiwani'e sin, wat hir Prinzipie sinn, wou iwwerall op der Welt si schaffen a wéi si hëllefen iwwerall do wou Kanner a Nout sinn. Mir gefalen d'Pëppercher, vun deenen des Geschicht verzielt, ganz gutt, Poppe mat engem groussen Häerz, mat vill Courage, gudde Frënn, déi ëmmer do sinn wann e Kand eng Hëllef brauch, hei am Land oder soss iergendwou op der Welt.

Léiw Erwuessener, och Iech wënschen ech vill Freed mat dësem Buch wann Dir et de Kanner virliest oder mat hinne kuckt. Dëst Buch schwätzt vu Frëndschaft, Hëllefsbereetschaft, Matgefill a Solidaritéit, Wäerter déi Grondelementer vun enger Gemeinschaft sinn a, Wäerter déi an der Erzéiung vun eise Kanner, den Erwuessene vu muer, esou wichteg sinn am Ëmgang mat deenen aneren.

Leiw Kiwanis Frënn, Iech gëllt mäi grousse Merci, meng Félicitatiounen a mäi Respekt fir Äert Engagement, Är wonnerbar Iddien an Är Ënnerstëtzung vu Leit a Kanner a Nout queesch iwwert d'Welt . Ech wënschen Iech vill Succès bei der Aktioun: Poppe mat Häerz.

**Mars DI BARTOLOMEO**
*Gesondheetsminister*



**« Une poupée est une âme dans la paume de la main »**
***Mikki Aronoff***

Offrir une poupée à chaque enfant hospitalisé, et agrémenter ainsi son séjour dans un environnement inconnu qui lui fait peur, tel était le but en 2002 des clubs Kiwanis.

La poupée, offerte gracieusement, qui accompagne l'enfant dès son arrivée et tout au long de son hospitalisation, s'avère vite les qualités d'un ami, d'un confident ou d'un combattant et devient ainsi un intervenant actif dans le processus de la guérison.

Aujourd'hui, la poupée Kiwanis est présente dans toutes les cliniques du Grand-Duché de Luxembourg. En dix ans, plus de 20 000 poupées ont été distribuées à des enfants hospitalisés, les poupées ont pendant 10 ans sensiblement consolé, rassuré, soulagé… nos petits dans des situations plus difficiles !



Quelle belle action qui s’inscrit si bien dans l’esprit kiwanien : « **Serving the Children of the World** » !

Remarquable également parce que cette action abrite trois autres projets de solidarité : les poupées étant confectionnées à trois endroits différents fournissent du travail aux travailleurs des ateliers protégés de l’APEMH à Bettange-sur-Mess, soutiennent les femmes d’Anand (Inde) dans la formation des travaux en textile et supportent les actions sociales des « Fraen a Mammen du Cents ».

En 2005 et 2008, plus de 200 artistes s’étaient proposés de réaliser une oeuvre d’art autour de la poupée, et leur imagination la faisait briller dans toutes les couleurs et la présentait dans « tous ses états »... Une belle alliance de la culture et de la solidarité ayant pour but de soutenir les enfants malades défavorisés avec le bénéfice provenant de la vente aux enchères de ces œuvres d’art !

« Poppe mat Haerz » s’appelle le dernier projet.

Mes vives félicitations s’adressent à Madame Mireille Weiten-de Waha et Monsieur Marco Weiten qui ont spontanément accepté de mettre la poupée Kiwanis en lettres et images. Une histoire émouvante, superbement illustrée, accompagnera dorénavant la poupée Kiwanis dans sa noble mission.

Je ne peux que féliciter chaleureusement tous les kiwaniens qui par leur engagement infatigable ont réussi à initier un autre beau projet autour de « la Poupée Kiwanis » ! Ensemble avec les enfants bénéficiaires je leur souhaite de tout coeur: Keep the momentum going !

**Rose SCHAEFFER - SUTOR**
*Présidente Fondation Kiwanis Luxembourg*

 

Léiw Kanner,
Léiw Erwuessener,
Léiw Kiwanis Frënn,

**« On ne voit bien qu'avec le cœur »**
**« L'essentiel est invisible pour les yeux »**
***Antoine de Saint-Exupéry***

Et läit eis um Häerz Iech, de Kanner an och den Elteren, d'Philosophie vum Kiwanis a vun de Leit, déi sech an dëser Associatioun engagéieren, a Form vum Mireille a Marco Weiten-de Waha hirer Kannergeschicht "Poppe mat Häerz" méi no ze bréngen. An enger Welt, wou materiell Wäerter leider oft méi wichteg schingen ewéi déi moralesch Wäerter, ass et besonnesch wichteg ze illustréieren, op wat et am Liewe wierklech ukënnt ... dëst wa méiglech sou fréi wéi méiglech. Iech Kanner virun Aen ze bréngen, dass een sech einfach aus Spaass un der Freed, oder fir engem aneren ze hëllefen, aktiv un Aktivitéite bedeelege kann. Well Dir sidd déi Erwuesse vu muer, dat schingt Iech villäicht elo nach ganz wäit wech ze sinn, mä mir wëssen aus Erfahrung: et geet ganz schnell.

Mir stellen eis an den Dingscht vun de Kanner vun eiser Welt a wëllen eis fir Iech a mat Iech zesumme fir eng besser Welt asetzen, op eng frëndschaftlech an tolerant Aart a Weis. Dir erliewt am Alldag Situatiounen, wou Dir hëllefe kënnt. Dat ass e ganz schéint Gefill, probéiert et eemol aus.

D'Geschicht vum Sinawik, enger Popp mat Häerz, ass emotional an och spannend, sou wéi d'Liewen och a Wieklechkeet ass, mat all senge schéinen an och net sou flotte Säiten. Seng Frënn léiert een net ëmmer an de schéine Momenter kennen, mä grad oft an deenen, wou et engem net sou gutt geet, a wou een Hëllef brauch. Genau da mierkt een, dass een net alleng ass, wann een och selwer bereet ass, aneren ze hëllefen an sech fir Gerechtegkeet anzesetzen. Well jidderee ... brauch irgendwann Hëllef.

Nëmmen all zesumme kënne mer eppes erreechen, et ass bei eis genausou wéi bei de Poppen an dëser Geschicht, an et gëtt kee méi e schéint Gefill wéi engem Mënsch wierklech gehollef ze hunn. Eng formidabel mënschlech Aventure kann een op dës Manéier erliewen, déi mat näischt ze vergläichen ass.

An dësem Sënn wënschen all d'Memberen aus de Kiwanis-Clibb vu Lëtzebuerg Iech eng flott Lecture, an denkt drun: Nëmmen zesumme si mer staark.

**Patrick Salvi**
*Kiwanis Esch/Uelzecht*

**Alex Nicola**
*Coordinateur Kiwanis-Popp*



Ganz déif ënnen am Mier, an enger türkisfaarweger Waasserwelt, do liewe mir Kiwanis-Poppen tëschent Fësch, Séipäerd, Algen, Korallen, all zesummen a faarweger Harmonie.

Haut ass mäi groussen Dag. Ech kréien nämlech mäin Diplom, fir mat menge Kollegen an d'Welt vun de Mënschen ze goen, fir de Kanner ze hëllefen. Dat ass nämlech dat,  wat mir Spaass mécht ... duerfir liewen ech. Et gi souvill Kanner op der Welt, déi op mech waarden.

Ech heesche Sinawik a sinn nervös an opgedréit, mä ech sinn net déi eenzeg Popp, déi opgedréit ass. Niewent mir sinn nach vill aner Kiwanis-Poppen. Och si wëllen, dass et endlech lassgeet.

Eise Kiwanis-Chef fänkt un ze schwätzen:

***„Léiw Poppen, Dir gehéiert elo zu deenen, déi dozou ouserwielt sinn, klenge Butzen op der Äerd ze hëllefen. Egal wou si e Problem hunn, kënnt Dir agräifen, fir d'Saach nees riichtzebéien. Gëtt ee geschloen, gitt dohinner, fillt een sech krank, sidd him seng Stäip, gëtt een ausgestouss, schwätzt mat him. Et gi vill Situatiounen, déi elo wäerten op Iech zoukommen, an net ëmmer wäert et liicht ginn. Ganz oft wësst Dir net genau wat maachen, dat ass normal. Lauschtert einfach op d'Stëmm vun Ärem Häerz, an Dir wäert ëmmer eng Léisung fannen, déi Dir aus lauter Léift zu de Kanner kënnt ëmsetzen.“***

Een nom anere gëtt vun eis eropgeruff a kritt säin Diplom iwwerreecht. Wou mäin Numm fält, sinn ech op mech selwer houfreg. Niewent dem Diplom kréien ech och nach e puer aner Utensilien: Faarwen, Bijouen, kleng Kiwanis-Poppen a kleng Kiwanis-Mais, verschidde Bicher, an eise Bracelet a Form vun engem Häerz, duerch dat mer mat deenen anere Kiwanier ëmmer a Verbindung kënne bleiwen. Heiriwwer kréie mer, wa mer ënnerwee sinn, och d'Missioune matgedeelt.







Mir verbréngen e flotten Owend, a wou mer endlech an d'Bett ginn, schlofen ech direkt an. Awer net laang, well ganz fréi mueres fänkt mäin Häerz-Bracelet u ganz faarweg ze liichten an ze vibréieren. Eisem Chef seng Stëmm erkléngt: ***„Sinawik, et ass lo un Dir, Du kanns elo weise wat s Du kanns. Am Spidol op der Kannerstatioun läit e klengt Meedchen, dat ganz alleng ass. Hatt ass momentan dat trauregst Kand op der Welt, well hatt muss operéiert ginn. Kanns Du mol kucke goe wat do lass ass?"***

Ech sinn direkt prett, obwuel mäi klengt Häerz vun Opreegung Saltoe schléit. Ech hunn dat jo nach ni alleng gemeet. Während menger Ausbildung zum Kiwanier waren ëmmer erfuere Poppen dobäi, déi genau wosste wat se maache sollten. Mä ech fäerten net, mat Léift am Häerz … kann een alles erreechen an et kënnt een iwwerall hin.

E puer Séipäerd a meng Lieblingsfësch waarde schonns op mech viru mengem KIWI-Haischen. Zesumme schwamme mer ëmmer méi héich erop. Si kennen de Wee, an op eemol liicht d'Sonn duerch d'Waasser. Geblennt schwammen ech drop zou, a klammen op enger wonnerschéiner verloossener Plage eraus, wou eng Möw sech grad d'Flilleke botzt.

***„Hey, ass dat Deng éischt Missioun? Maach einfach Däi Bescht … sief net nervös … Däi Gefill seet dir wat s Du ze maachen hues"*** … an nach éier ech eppes ka soen, si mer schonns an der Lut a fléie bis bei d'Wolleken.







Zimlech séier si mer am Spidol ukomm, an ouni dass ee mer eppes muss soen, fannen ech de Wee op de Kannerstack. Eng eenzeg Dier steet op, ech ginn eran a gesinn d'Amy ganz bleech a butzeg an deem risege Bett leien. Wou hatt mech gesäit, fänkt hatt un ze laachen: ***„Wie bass Du dann? Komm mol méi no!“*** Hatt kuckt mech ganz genau un. Dann erzielt d'Amy mir, dass hatt eng ganz rar Krankheet huet an dass hatt nach net weess, ob hatt iwwerhaapt nach eng kéier gesond gëtt. Ech huelen hatt an den Aarm: ***„Amy, Du muss ganz staark sinn a ganz fest dru gleewen. Fest un eppes gleewen, ka Bierger versetzen, Kricher verhënneren, e Mier deelen, Liewe retten, Krankheete fortblosen. Du dierfs just net eng eenzeg Sekonn, och wann et schwéier ass, ophalen drun ze gleewen, dass Du méi staark bass wéi déi Krankheet. Du kanns alles, absolut alles, erreeche wann s Du fest genuch dru gleefs an alles dofir gëss. Maach alles wat den Dokter seet, schoun Dech, sammel nei Kraaft ... an Du wäerts gesinn ... et geet weider ... ëmmer weider ... an op eemol bass Du rëm glécklech an danz am Reen. Wat hues du lo, an dësem Moment, Loscht ze maachen?“***

Dem Amy seng Ae fänken un ze blénke vu lauter Freed, eng nei Lut an den Aen ass ugaang an hatt fillt eng Stäerkt, déi hatt nach ni virdrunner gespuert huet. ***„Ech wëll Dech bemolen, well Du bass ganz wäiss ... ech wëll Dech an alle Faarwe liichte gesinn a mech all Moment, wou ech schwaach sinn oder et mer kal ass, un deem Liicht wiermen.“*** A schonns ginn d'Faarwen ausgepaakt, an d'Amy bemoolt mech. Dat këddelt e bëssen. Mä mäin neit Ausgesinn gefält mer immens gutt. Fir dass d'Amy och e Souvenir huet an ni dëse Moment vergësst, moolt hatt nach eng vun deene klenge Poppen, déi ech him doloossen, genau sou u wéi mech.

***„Gleef drun, Amy, ech sinn ëmmer bei Dir.“*** Mir ëmäermelen eis nach eng Kéier, éier mäin Häerz-Bracelet nees ufänkt ze liichten. Ech lafen aus dem Spidol eraus, e Päerd kënnt erbäi an op him sëtzt eng Kiwanis-Maus.

***„Hey komm schnell, an enger Schoul gëtt e Kand gemobbt a geschloen! Komm mir gi mol kucken.“***
A schonns si mer ënnerwee.



An der Schoul ukomm, héiere mir schonns vu wäitem Kannerstëmmen, déi streiden. Ech si frou lo net alleng ze sinn, et ass schonns gutt eng Kiwanis-Maus bei mer ze hunn, déi sech mat esou Situatiounen auskennt. Mir huelen d'Been an de Grapp a gesinn, wéi e puer Kanner mat wäisser Hautfaarf e méi klenge Jong mat schwaarzer Hautfaarf unhalen an e schloe wëllen. Ouni ze zécken, gräifen ech direkt an. Déi sinn zimlech paff eis ze gesinn, a kënnen et net gleewen: ***„Wat maacht Dir dann hei? Wéi gesitt Dir iwwerhaapt aus?"*** Ech fäerten net a soen: ***„Ech gesi genausou wäiss aus wéi s Du och. Mä ass dat wierklech esou wichteg wéi mer ausgesinn? Si wäiss Mënsche besser wéi Leit, déi eng aner Faarf hunn? Iwwerlee éier s Du schwätz! Ass et net vill méi wichteg wéi eis Séil bannen ass, ob mer léif Mënsche sinn a Guddes maachen? Et ass dach ganz egal, wéi eng Hautfaarf mir hunn, wichteg ass, dass mer all zesummenhalen a mateneen auskommen. Wichteg ass, dass mer all Mënsch, och wann en anescht ausgesäit, respektéieren an als Frënd ugesinn. Wichteg ass och, dass mir kengem wéidoen an engem, dee Problemer huet, hëllefen. Hutt Dir Iech schonns iwwerluet wéi Äre klenge Kolleg hei sech fillt wann Dir zu véier op hie lass gitt? Hien huet déiselwecht Gefiller wéi Dir, laacht wéi Dir, ass trauREG wéi Dir, huet Angscht wéi Dir. Mä muss dat da sinn? Ech hu léiwer wann hie laacht, wann e kräischt dann héchstens vu Freed, a Frënn fënnt, déi hien als Mënsch gären hunn. Mir sinn all d'selwecht, mir sinn all nëmmen eng Zäitchen op däser Welt an et gëtt kee Grond, ee Mënsch auszeschléissen, just well en anescht ausgesäit. Mir sinn all eenzegaarteg a schéin, ob mer lo blo, gring, gesträift oder getëppelt duerch d'Géigend lafen. Grad dat mécht eis Welt sou faarweg a liewenswäert."***

D'Jonge kucken sech alleguerten un … am Ufank grinsen se nach, an hanno gesinn se zimlech bedäbbert aus. Dat schlecht Gewësse steet hinnen am Gesiicht geschriwwen. Ee vun hinnen ergräift d'Wuert: ***„Oh, vun där Säit hunn ech dat nach ni gekuckt. Mä … ech denken iwwert Deng Wierder no. Wahrscheinlech hues du absolut Recht mat allem wat s Du sees. Awer wa keen eis dat erkläert, da kënne mer dat jo net wëssen. An der Schoul schwätze mer net genuch iwwer Gewalt. Mä ech erzielen elo der ganzer Schoul wat s Du eis gesot hues. Vläit hëlleft et jo."***

Als Undenke schenke mir hinnen eng kleng Kiwanis-Maus.





Mir ginn eraus a wëlle grad mol e bëssi raschten, wou mäi Bracelet schonns nees ufänkt mat liichten, an der Maus hiren och. Eis Weeër trennen sech nees.

Eng Hoergäns lant just viru menge Féiss: ***„Komm ech huelen Dech mat, dës Kéier muss Du Gedold hunn, well mir fléien un dat anert Enn vun der Welt.“***

Knapps si mer an der Lut, kommen och all déi aner Hoergänsen erbäigeflunn a mir fléien iwwer Bierg an Dall, d’Mier, Bëscher, Wisen. Et gëtt lues a lues ëmmer méi waarm, a schlussendlech lande mer an engem klengen Duerf, wou Hütten aus Stréi stinn. Och Mënsche sinn iwwerall. En Dokter sëtzt virun enger vun den Hütten a kräischt. Ech schlécken, a gi bei en. Vläit kommen ech hei jo ze spéit? Hien erzielt mir, dass elo grad e Bëbee un Tetanos gestuerwen ass, an hie guer näischt konnt maachen. Ech kann dat net verstoen, versichen hien ze tréischten. Tetanos gëtt bei eis och Starrkrampf genannt, ech wosst net, dass een doru kéint stierwen. Den Dokter erkläert mir, dass dës eigentlech, wann een eng Impfung géing kréien, keng Krankheet wier, déi déidlech géing endegen.

Ech weess wat ech ze maachen hunn, fir dës Krankheet ze eliminéieren. Ech zéie mech zeréck a ruffe menge Kiwanis-Kollegen un, a bestellen e puer Camione mat Impfstoff a Piqûren. Den Dokter an ech molen an der Zwëschenzäit Plakater, wou dropsteet, dass all Mamm an hir neigebuere Kanner sollen an den nächsten Deeg an d’Spidol kommen, fir geimpft ze ginn. Duerno hänke mer d’Plakater iwwerall am Duerf op. Doudmidd fale mer an d’Bett.

Den aneren Dag, d’Sonn ass knapps erwächt, maache mir eis an d’Spidol, wou d’Mamme mat hire Kanner schonns waarden. Während Deeg impfe mer dës Leit, an nodeem se hei am Duerf all geimpft ginn, geet eis Rees weider duerch all déi Länner op der Welt, wou d’Leit keng Suen hunn, fir sech impfen ze loossen. Iwwerall wou ech fortginn, schenken ech de Kanner eng kleng wäiss Popp als Undenken.





Elo brauch ech awer wierklech eng kleng Paus, denken ech. Iergendwéi wier et och flott, mol nees eng Kéier heem ze goen, fir ze kucken, wéi et deenen anere Poppe sou ergaange ass säit se am Asaz sinn.

Ech sichen déi nächst Plage, ruffen zwee Delfiner, déi wäit ewech laanscht schwammen, a loosse mech erofzéien ... ëmmer méi wäit, ëmmer méi wäit, bis ech d'Sonn net méi gesinn an et ëmmer méi kal gëtt. Ech komme grad richteg fir e puer Kollege vu mir unzetreffen, déi iwwert hir Aventuren erzielen. Mir erliewen e wonnerschéinen Owend zesummen. Op eemol ... wibbelt a wackelt alles duercherneen. Opgereegte Fësch schwammen hin an hier, eng Mierjoffer kënnt bei mech a flüstert mir an d'Ouer: ***„Sinawik, si brauchen Dech an Haiti, Du muss mat Denge Frënn ganz ganz schnell dohinner, et geet ëm Liewen an Doud ... et gëtt kee schéint Bild wat Dech erwaart.“*** Mir erschrecken, an hänken eis sou séier et geet un eng Mierjoffer, déi staark muss kämpfe géint dat mëttlerweil schéin opgewulltent Mier. Wou mer uewen ukommen, schloen d'Welle ganz héich. Mir wieren am léifsten direkt ëmgedréit, mä mir spieren, dass eis Hëllef dës Kéier vu ganz ville Kanner gebraucht gëtt. Endlech komme mer un, an dat wat mer gesinn, ass sou schrecklech, dass mir den Otem stoe bleift.





Do wou fréier emol Haiser stoungen, läit just nach Knascht, Brieder, Holz, a Bulli. Iwwerall sëtze Leit, déi kräischen an si schéngen alleguerten eppes ze sichen ënnert de futtissen Haiser. Eng al Fra erkläert mir, dass en Tsunami hir Haiser futti gemeet huet an dass Dausende Leit gestuerwe sinn. Si hu keen Doheem méi, a wëssen net ob hir Famill iwwerlieft huet.

Déi aner Kiwanien an ech fänken direkt un, am Banneland e grousst Haus ze bauen, fir d'Kanner, déi keng Eltere méi hunn.

Et ass eng Heedenaarbecht, ech si sou midd, dass ech mengen, ech misst all Sekonn ëmfalen. An awer dreift eng Kraaft mech weider, déi ech hei spieren, d'Kraaft vum Zesummenhalen an de Geescht, dass mer wat geschitt ass zwar net kënne réckgängeg maachen, mä dass mer all zesummenhale mussen, fir deene Leit, déi nach hei sinn, ze hëllefen.

No e puer Wochen hu mir nach ëmmer d'Gefill, dass grousse Chaos hei ass. An trotzdem hu mer et fäerdeg bruecht, eng nei Schoul an e grousst Haus fir d'Kanner opzebauen, a mir hu Schoulmaterial organiséiert, fir de Kanner zur Verfügung ze stellen, fir dass si awer weiderhin d'Chance behalen, eppes ze léieren.

Ech hu mäint elo hei gemeet, an aner Kanner wäerte mech geschwënn nees brauchen. Et ass e schéint Gefill gebraucht ze ginn an de Kanner op der ganzer Welt ze hëllefen. Wéi déi Hëllef ausgesäit, ass verschidden. Heiansdo ginn ech hongerege Kanner eppes ze iessen, aarm Kanner kréie Gezei, fir dass si net erfréieren. Ech kann net iwwerall gläichzäiteg sinn. Mä mir sinn zu sou vill Poppen, dass kee muss laang op eis waarden, wann en ëm Hëllef rifft. Mir sinn och ëmmer bereet, wann s Du eis wierklech brauchs. Du kanns Dech un eis wenden, wann et Dir wierklech schlecht geet. Gleef un eis, a schonns si mir do.


KIWANIS INTERNATIONAL


KIWANIS INTERNATIONAL

# KIWANIS stellt sech vir:

## KIWANIS INTERNATIONAL

Kiwanis ass eng Organisatioun vu Fräiwëllegen, déi sech weltwäit fir eng besser, méi mënschlech Gemeinschaft asetzen. Den 1. Kiwanis-Club ass 1915 zu Detroit (USA) gegrënnt ginn, 1963 ass den éischte Club an Europa entstan. Haut bestinn ongeféier 13.000 Kiwanis-Clibb a 96 Länner, wou ëm déi 600.000 Memberen sech benevole engagéieren.

## KIWANIS NATIONAL

Zu Lëtzebuerg ginn et 8 Kiwanis-Vereenegungen (Eisléck, Uelzechtdall Mersch, Mamerdall, Luxembourg, Luxembourg-Alstad, Mondorf-les-Bains, Esch-sur-Alzette).

Dëse Projet ass entstan op Initiative vun:
**Kiwanis-Club Esch-sur-Alzette**
**Kiwanis-Club Luxembourg**

## WIE SINN D'KIWANIER?

Kiwanier sinn enthousiastesch a verantwortungsbewosst Mënschen, déi hirem Liewen en neie Sënn wëlle ginn andeems si sech an hirer Fräizäit an nëtzlech, idealistesch a sozial Aktivitéiten investéieren. Kiwanier sti fir Frëndschaft an Toleranz a setzen sech mat gezielten Actiounen dofir an, eng besser Welt ze schafen, dëst op lokalem, nationalem an internationalem Plang.

***Eis Philosophie :***
**„Am Dingscht vun de Kanner vun eiser Welt".**

***Eis gëlle Regel :***
**„Do engem aneren ni eppes u wat s Du net selwer wëlls dass een Dir undeet".**

## VISIOUN:

- Dofir suergen, dass mënschlech Wäerter méi wichteg si wéi materiell Wäerter
- Sech dofir asetzen, dass eis gëlle Regel am Alldag an eisen tëschemënschleche Relatiounen ouni Ausnam ugewannt gëtt
- Eis Prinzipien an eise sozialen a professionellen Ëmfeld bekanntmaachen an uwennen
- Eng méi intelligent, aktiv an efficace Uwennung vun eisen Déngschter entwéckelen
- Mat Hëllef vum Kiwanis-Club laangfristeg Frëndschaften entwéckelen, generéis Déngschter leeschten a bessert Zesummeliewen entwéckelen
- Dozou bäidroen, fir Wäerter wéi Éierlechkeet, Gerechtegkeet, a Respekt virun der Meenung vun anere Leit ze entwéckelen

# INTERNATIONAL PROJETEN:

**Kiwanis Clibb ënnerstëtzen:**

**Kanner, déi un Trisomie 21 leiden**
*an Zesummenaarbecht mat Rahna ASBL an TRISOMIE 21 ASBL*
Et gi Fonge gesammelt (Concerten, Donen), fir Kanner déi un Trisomie 21 leiden e Begleed-Hond ze offréieren. Dësen Hond huet d'Missioun si an hirem Alldag ze begleeden.

**Kanner mat neuromusculairen a rare Krankheeten**
*an Zesummenaarbecht mat ALAN ASBL*
Kanner mat raren neuromusculaire Krankheete gi mat den néidege Mëttelen ënnerstëtzt.

**Schoulkanner a Burundi**
**„ISHULIRYA BOSE – L'ECOLE POUR TOUS"**
*an Zesummenaarbecht mat EDUAF*
*(Education Universelle en Afrique)*
All Kand huet e Recht op Educatioun. Zu Kamembé gëtt eng Schoul gebaut fir zu dësem Ziel bäizedroen.

**Kiwanis impft jonk Mammen an neigebuere Kanner weltwäit géint Tetanos**
*De Projet ELIMINATE gëtt an Zesummenaarbecht mat UNICEF ausgefouert*
60.000 Kanner an 30.000 Mamme stierwen all Joer weltwäit och nach hautesdaags un Tetanos. Bis 2015 solle weltwäit 110 Milliounen Dollar gesammelt gi fir Impfstoff, Sprëtzen, Transportmëttelen, Ausbildung vu Personal sur Place, asw. Ziel: dës Krankheet soll et op eiser Welt no dëser Actioun net méi ginn.

**Weider Informatiounen op**
**www.kiwanis.org oder op www.unicef.lu**

**Kiwanis bidd en Ënnerdach nom Erdbiewe vun Haïti**
Kiwanis stëft 2 Haiser fir d'Affer vun dëser Katastroph.

**Fraen-Associatioun zu Ruanda**
Ziel: Frae gi während 3 Joer forméiert fir Bijoux-Collectiounen ze entwerfen an ze gestalten. Duerno soll dës Associatioun eegestänneg funktionéieren.

**Kiwanis ënnerstëtzt schoulpflichteg Kanner a Rumänien**
Kanner kréie Schoulmaterial *(Miwwelen, Bicher asw.)* zur Verfügung gestallt.

## NATIONAL PROJETEN:

**Kiwanis-Popp: Sozial Actioun fir krank Kanner a Lëtzebuerger**
*Spideeler an Zesummenaarbecht mat „A.P.E.M.H“ (Bettange-sur-Mess)*
Säit 2002 sinn ca. 20.000 Poppe verdeelt ginn u krank Kanner, fir si an hirem Leed ze ënnerstëtzen.
Weider Informatiounen: **info@kiwanispopp.lu**

**Kiwanis-Maus: Sozial Actioun fir lëtzebuergesch Schoulkanne**
*an Zesummenaarbecht mat „A.P.E.M.H“ (Bettange-sur-Mess), Fraen aus Anand (Indien) vertrueden duerch Aide à l'enfance de l'Inde a „Fraen a Mammen“ vum Cents*

D'Kiwanis-Maus sensibiliséiert d'Kanner fir folgend Themen:
- Integratioun, Gemeinschaft
- Zesummenhalen, Solidaritéit, Verantwortung, Respekt, Dignitéit
- Benevolat, Engagement am humanitäre Beräich
- Weider Informatiounen: **kiwanismaus@kiwanispopp.lu**

**Sozial Actioun fir Kanner, déi an Aarmut liewen**
an Zesummenaarbecht mat Foyeren a Structuren, déi sech ëm defavoriséiert Kanner këmmeren.
Kanner ginn ënnerstëtzt wou a wéini si et am meeschte brauchen, andeems si gezielt dee Support kréien, deen si an deem Moment brauchen (Iessen, Gezei, Miwwelen, Schoulmaterial, asw.).

**Télévie**
D'Fondatioun Kiwanis a verschidde Kiwanis Clibb si säit 10 Joer un der Aktioun TELEVIE bedeelegt.

D'Aktioun „Prominenter kache fir e gudden Zweck“ ass eng vun den Aktivitéite fir den TELEVIE.

# Lëtzebuerger Kiwanis-Clibb FONDATIOUN KIWANIS LËTZEBUERG




**KIWANIS Club Eisleck**
Grëndung : 1987, 24 Memberen
Réuniounen: 1. An 3. Donneschden zu Vaianen

**KIWANIS Club Uelzechtdall-Mersch**
**www.kiwanis-uelzechtdall.lu**
Grëndung 1994, 20 Memberen
Réuniounen: 2. an 4. Mëttwoch zu Walferdange

**KIWANIS Club Mamerdall**
Grëndung : 2008, 20 Memberen
Réuniounen: 1. An 3. Denschden zu Letzebuerg

**KIWANIS Club Letzebuerg International**
Grëndung : 1992, 22 Memberen
Réuniounen: 2. an 4. Mettwoch am Grond / Letzebuerg

**KIWANIS Club Luxembourg**
Grëndung : 1969, 32 Memberen
Réuniounen: 1. an 3. Mëttwoch am Grond / Letzebuerg

**KIWANIS Club Luxembourg Alstad**
Grëndung : 1998, 32 Memberen
Réuniounen: All 3. Méinden am Grond / Letzebuerg

**KIWANIS Club Esch-sur-Alzette**
Grëndung : 1986, 27 Memberen
Réuniounen: 1. an 3. Méinden zu Esch/Uelzecht

**KIWANIS Club Mondorf-les- Bains**
**www.kiwanis.lu**
Grëndung : 1991, 15 Memberen
Réuniounen 2. An 4. Donneschden zu Munneref

D'FONDATIOUN KIWANIS Luxembourg ass crééiert ginn fir den Lëtzbuerger Kiwanis-Clibb Donateuren d'Méiglechkeet ze ginn, hier Don's déi si un d'Fondatioun iwerweisen, vun der Steiererklärung ofzesetzen.

**www.kiwanis-fondation.lu**





## Ennerstétzt d'Kiwanis-Popp

**D'Kiwanis-Popp** hëlleft den hospitaliséierten Kanner hier Ängscht an Péng ze erliichteren, déi si duerch eng Operatioun oder en medizinescht Traitement hunn. **Si get vun den Dokteren an vum Pflegepersonal** benotzt fir d'Behandlungen déi dem Kand bevirstinn ze erklären.

**Des Popp get de Kanner** déi an eng Klinik zu Lëtzebuerg agewisen ginn **vu Kiwanis geschenkt**. D'Kiwanis-Popp ass ongeféier 30 cm grouss, besteht aus wäissem Kotteng an ass mat Polyester (Dacron) gefellt.

**All Kand kann seng Popp fierwen** an se matt heem huelen, wann et d'Spidol verléisst.

**Ennerstétzt d'Actioun « Kiwanis-Popp »** andeems Dir en Don macht op de speziell fir desen Zweck bestoende compte **LU10 0030 0430 9061 1000 (BGLLLULL)**

## KIWANIS-MAUS

**D'Kiwanis-Maus** hellëft dem Léierpersonal d'Kanner fir folgend Themen ze sensibiliséieren:

- **Integratioun, Gemeinschaft**
- **Zesummenhalen, Solidaritéit, Verantwortung, Respekt, Dignitéit**
- **Bénévolat, Engagement am humanitäre Beräich**
  **Weider Informatiounen: kiwanismaus@kiwanispopp.lu**







**D'Mireille Weiten-de Waha**, gebuer de 24. Februar 1967 zu Beetebuerg, ass eng lëtzebuergesch Schrëftstellerin, déi Geschichte fir Kanner, Theaterstécker a Liddertexter schreift.

Si ass zënter 1999 mam Déieremoler Marco Weiten bestuet, deen hir Bicher illustréiert.

## Bicher

Klenge roude Léiw *(lux, all, fr, port)*
Kouhandel mat der Wiederhex *(lux, all, fr)*
Schokola aus Afrika *(lux, fr)*
Liddereg wéi Mëscht *(lux, fr)*
2:1 fir de Kinnek Mo *(lux)*
Starallüren um Krautmaart *(lux) / Héierspill (2 CD'en)*
Schwamm mat de Séipäerd *(lux) / Héierspill 1 CD)*
Op der Sich no der Mëllechstrooss *(lux, all, fr)*
Poppe mat Häerz *(lux, fr)*

## Theaterstécker

Klenge roude Léiw
Tanz auf dem Vulkan

## Héierspiller

D'Chrëschtkëndche streikt
Starallüren um Krautmaart
Schwamm mat de Séipäerd

## Nominatiounen an Auszeechnungen

Klenge roude Léiw: Gewënner vum internationale Kanner- a Jugendbuchpräis "De Fiischen" an de Kategorien:
Text an Illustratioun, 2006.

Lëtzebuerger Bicherpräis 2011 mat Starallüren um Krautmaart.

## Œuvre monumentale Parc Merveilleux Beetebuerg

De 4. September 2009 gouf dem "Klenge roude Léiw" säi Mäercheschlass am Parc Merveilleux ageweit.



**D'Mireille Weiten-de Waha**, auteure, née le 24 février 1967 à Bettembourg, écrit des histoires pour enfants, pièces de théâtre et des paroles pour chansons. Elle est mariée depuis 1999 avec l'artiste animalier Marco Weiten, illustrateur de ses livres.

## Livres

Klenge roude Léiw *(lux, all, fr, port)*
Kouhandel mat der Wiederhex *(lux, all, fr)*
Schokola aus Afrika *(lux, fr)*
Liddereg wéi Mëscht *(lux, fr)*
2:1 fir de Kinnek Mo *(lux)*
Starallüren um Krautmaart *(lux) / pièce radiophonique (2 CD'en)*
Schwamm mat de Séipäerd *(lux) / pièce radiophonique 1 CD)*
Op der Sich no der Mëllechstrooss *(lux, all, fr)*
Poppe mat Häerz *(lux, fr)*

## Pièces de théâtre

Klenge roude Léiw
Tanz auf dem Vulkan

## Pièce radiophonique

T'Chrëschtkëndche streikt
Starallüren um Krautmaart
Schwamm mat de Séipäerd

## Nominations et prix littéraires

Klenge roude Léiw: „Internationale Kanner- a Jugendbuchpräis De Fiischen" dans les catégories "Texte" et "Illustrations", 2006.
„Lëtzebuerger Bicherpräis" 2011: Starallüren um Krautmaart.

## Œuvre monumentale
## Parc Merveilleux Bettembourg

L'œuvre monumentale a été inaugurée le 4 septembre 2009 à Bettembourg.



# SOUTENEZ la poupée KIWANIS



**Un remède ludique pour permettre à l'enfant hospitalisé** de mieux surmonter les angoisses et les peines liées aux interventions chirurgicales et médicales. **La poupée est utilisée par les médecins et le personnel** soignant pour expliquer aux jeunes patients les procédures de traitement(s) qu'ils vont subir.

**La poupée Kiwanis est offerte** ***gracieusement par les clubs*** Kiwanis aux enfants admis à une clinique au Luxembourg.

**Une poupée d'environ 30 cm en coton blanc,** rembourrée avec du Polyester (Dacron®).

**Chaque enfant peut colorier sa poupée et l'amener à domicile** au moment de la sortie de l'hôpital.

Soutenez l'action **«Poupée Kiwanis»** en faisant un don sur le compte **LU10 0030 0430 9061 1000 (BGLLLULL),** spécialement dédié à la poupée Kiwanis.
Pour plus d'informations : **info@kiwanispopp.lu**

## La souris Kiwanis



**La „Kiwanis Maus"** en quelques mots

